PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude Wiseler
President vun der Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6ten Dezember 2023

**Demande un d'Kommissioun fir Verdeedegung betreffend dem Artikel 32 vum Arméisgesetz**

Här President,

Mir géingen Iech bieden, dëse Bréif un de President vun der Kommissioun fir Verdeedegung weiderzeleeden.

Esou wéi den Artikel 23 (3) vum Chambersreglement et virgesäit, freet eis Sensibilitéit, fir ee Punkt op den Ordre du Jour vun der nächster Kommissiounssitzung ze setzen.

D'Thema beträfft den neien Artikel 32 vum ofgeännerten Arméisgesetz betreffend dem Evaluéierungssystem vun den Zaldoten, deen zënter dem 10ten August a Kraaft ass. D'Gesetz gouf den 21te Juli dëst Joer vun der deemoleger Majoritéit gestëmmt (Projet de loi 7880), mee net vun der deemoleger Oppositiounspartei CSV. Mir wëlle wëssen, ob déi nei Regierung un dësem Mechanismus festhält oder ob Ännerungen hei virgesi sinn.

Mat héijem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Ben Polidori
Deputéierten